ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 5. November 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Digitaliséirung an un den Här Héichschoulminister weiderzeleeden.

De weltwäite Kampf géint d'Cyberkriminalitéit ass och eng politesch Prioritéit zu Lëtzebuerg. Sou heescht et am Koalitiounsvertrag vun 2018:

« L'ère numérique n'offre pas seulement des chances, mais présente aussi des risques sous forme de cyberattaques, qui ciblent souvent les informations personnelles. Les mécanismes de protection de l'Etat et des données lui confiées par les citoyens et les entreprises contre les cyberattaques seront examinés et renforcés. Les investissements dans la sécurité des infrastructures informatiques critiques seront poursuivis en vue d'une meilleure protection contre les cyberattaques et en vue de faire du Luxembourg un « safe haven » à l'échelle internationale. »

Et ass kloer, datt zu dësen "investissements dans la sécurité des infrastructures informatiques critiques" och d'Ausbildung vu Cybersécherheetsexperte gehéiert. D'Héichschoulbildung, net just zu Lëtzebuerg, mee allgemeng an Europa, huet sech an der Vergaangenheet awer nëmme lues un d'Tech-Industrie ugepasst, déi sech permanent verännert. Beräicher wéi digital Forensik, Kryptographie an Ethical Hacking hu sech als Studiegäng bis elo net an deem Mooss etabléiert an duerchgesat, wéi dat am Hibléck op déi ëmmer méi grouss Geforen am Beräich Cybersécherheet de Fall misst sinn. Ëmsou méi stellt sech d'Fro, wéi eis Héichschoulen an Zukunft hire Bäitrag am Kontext vun der nationaler Strategie géint Cyberkriminalitéit leeschte kënnen.

An deem Zesummenhank hunn ech folgend Froen un den Här Minister fir Digitaliséirung an un den Här Héichschoulminister:

1) Wat mécht d'Regierung konkret, fir d'Studien an d'Carrièren am Cybersécherheetssecteur ze promouvéieren?
2) Wéi vill Leit hei am Land ginn am Ablack an deem Secteur ausgebilt? Kann d'Regierung Informatioune ginn, wat de Profil vun dëse Leit ugeet?

3) Wéi schätzt d'Regierung am Beräich Cybersécherheet d'Ofhängegkeet vu Lëtzebuerg vun eisen Nopeschlänner am Speziellen a vum Ausland am Allgemengen an?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

Roy Reding
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742